Groussherzogtum Lëtzebuerg

A PROPOS

...

HAAPTSTAD:
LËTZEBUERG

NOPESCHLÄNNER:
DÄITSCHLAND
BELSCH
FRANKRÄICH

FLÄCH:
2 586 KM²

REGIMM:
KONSTITUTIONELL
MONARCHIE

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

Groussherzogtum Lëtzebuerg

A PROPOS

...

Sproochen zu Lëtzebuerg

Et gi wéineg Länner op der Welt wou, wéi zu Lëtzebuerg, d'Bevëlkerung méi Sprooche geschriwwen a geschwat benotzt – an dat um ganzen Territoire an a verschiddene Beräicher, sief et am privaten, berufflechen, sozialen, kulturellen a politesche Liewen. Lëtzebuerg charakteriséiert sech duerch dës Méisproochegkeet: nieft Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch begéint een am Alldag och nach de Sprooche vun deenen 170 Nationalitéiten déi am Grand-Duché liewen. Besonnesch Italieenesch, Portugisesch an Englesch sinn duerch Migratiounsbeweegungen an der institutioneller a finanzieller Entwécklung vum Land vertrueden. Zesumme bilden all dës Sproochen e bedeitend groussen Deel vun der Identitéit vum Land an déngen als Basis fir d'sozial Kohäsioun.

HAAPTSTAD:
LËTZEBUERG

NOPESCHLÄNNER:
DÄITSCHLAND
BELSCH
FRANKRÄICH

FLÄCH:
2 586 KM^2

REGIMM:
KONSTITUTIONELL
MONARCHIE



Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941

Zählkarte für Ortsanwesende

(für alle Personen, eingetragen unter Abschnitt A der Haushaltsliste)

Vom Zähler auszufüllen

Kreis: ..... Gemeinde: .....

Wohnplatz (Ortschaft): .....

Straße und Hausnummer: .....

Zählbezirk Nr.: ..... Haushaltsnummer: ..... (d. i. lfde. Nr. in der Kontrolliste) Zählkarte Nr.: ..... (d. i. lfde. Nr. in der Haushaltsliste)

1. Familienname (Zuname): Feyder Paul Wwe bei Frauen Geburtsname: Lieb
Vorname (Rufname): Elisabeth

2. Stellung zum Haushaltungsvorstand: Haushaltungsvorstand
(wie Spalte 3 der Haushaltsliste)

3. Familienstand: ledig, verheiratet, verwitwet, geschieden
(wie Spalte 5 der Haushaltsliste — Nichtzutreffendes streichen)
verheiratet mit: ..... geborene: .....
geboren am: ..... in: .....

4. Geburtsjahr: 1887
Geburtstag: 12. 5.
Geburtsort: Luxemburg
falls außerhalb Luxemburgs, Land und Kreis: .....
(wie Spalten 7 und 8 der Haushaltsliste)

5. Jetzige Staatsangehörigkeit: Luxemburgerin
(wie Spalte 10a der Haushaltsliste; Doppelstaater haben beide Staatsangehörigkeiten anzugeben.
Falls jetzige Staatsangehörigkeit nicht durch Abstammung erworben ist:
Art des Erwerbs (z. B. Option, Heirat): .....
Zeitpunkt des Erwerbs: .....
Etwaige frühere Staatsangehörigkeit: .....
Zeitpunkt des Verlustes: .....

(Dieser Raum bleibt frei)

6. Hauptberuf: ..... Stellung im Hauptberuf: .....
Nebenberuf(e): ..... „ „ Nebenberuf: .....
(wie Spalte 11 der Haushaltsliste)
Wo und bei wem beschäftigt: .....
(wie Spalte 13 der Haushaltsliste)

7. Muttersprache: luxemburgisch

(In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z. B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischtsprachigen Gebieten Fälle von **Doppelsprachigkeit** vor. Kinder, welche noch nicht sprechen, und **Stumme** sind der Muttersprache der Eltern zuzuzählen. — **Dialekte** (Mundarten), z. B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache).

Muttersprache: luxemburgisch

(In der Regel besitzt jeder Mensch nur eine Muttersprache, in welcher er denkt und deren er sich in seiner Familie und im häuslichen Verkehr am liebsten bedient, weil sie ihm am geläufigsten ist, z. B. deutsch, italienisch, französisch, polnisch. Doch kommen auch besonders bei Personen in gemischtsprachigen Gebieten Fälle von **Doppelsprachigkeit** vor. Kinder, welche noch nicht sprechen, und **Stumme** sind der Muttersprache der Eltern zuzuzählen. — **Dialekte** (Mundarten), z. B. luxemburgisch, plattdeutsch, gelten nicht als Muttersprache).

Formulaire vun der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941, dee vun der däitscher Besatzung verdeelt gouf. „Lëtzebuergesch" ass hei als Mammesprooch agedroen a widdersetzt sech domat der ausdrécklecher Virgab, datt Lëtzebuergesch en Dialekt wier an net als Mammesprooch kéint gëllen. © Privatkollektioun vum Sven Knepper

Originnen an Entwécklung vun der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg

Lëtzebuerg ass e linguistesche Melting-Pot, deen duerch den Afloss vun deene groussen europäesche Muechten iwwert d'Joerhonnerten entstanen ass, an deen duerch d'Migratiounsbeweegungen am 19. an am 20. Joerhonnert, esou ewéi duerch den europäeschen Engagement vum Land, beräichert gouf. Elementer aus de germaneschen a romanesche Sproochen hunn d'Lëtzebuergescht geprääagt. Obwuel d'Lëtzebuerger Sprooch wärend dem gréissten Deel vun hirer Geschicht eng mëndlech Sprooch war, ass et elo och eng geschriwwe ginn. Haut ass et och den éischte Schrëtt vun der Integratioun fir déi auslännesch Gemeinschaften.

1.000 Joer Méisproochegkeet

Den Numm „Lëtzebuerg" kënnt vu *Castellum Lucilinburhuc,* en alen héichdäitsche Begréff, dee „kleng Buerg" bedeit an deen an engem mëttelalterlechen Text op Latäin erwäänt gëtt. D'Buerg huet de Grof Siegfried baue gelooss (916/9-998). Am Laf vun de Joerhonnerten ass d'Grofschaft, duerno den Duché, vergréissert ginn, fir am 14. Joerhonnert aus 10.000 km^2 an enger méisproocheger Bevëlkerung ze bestoen.

Wéinst de franséische Besatzungen 1684 ënnert dem Kinnek Louis XIV, an de revolutionären Truppe 1795, gëtt de Gebrauch vum Franséischen als administrativ a legislativ Sprooch favoriséiert, an dat op Käschte vum Latäin, wat du lues a lues verschwonnen ass. D'Aféierung vum Code Napoléon 1804 leet fest, datt haaptsächlech Franséisch am juristesche Beräich benotzt gëtt. Am Alldag gëtt awer haaptsächlech Lëtzebuergesch geschwat.

19. Joerhonnert

Zum Schluss vum Krich ëm déi belsch Onofhängegkeet am Joer 1839 gëtt d'Lëtzebuerger Land gedeelt: de westlechen Deel gëtt an dat belscht Kinnekräich integréiert, woubäi den östlechen Deel en onofhängegen Territoire gëtt. De Bäitrëtt 1842 vu Lëtzebuerg an den Zollveräin, eng Wirtschaftsunioun, déi vun der däitscher Confederatioun beherrscht gouf, favoriséiert d'Opstellung vun däitsche Kapitaler a Betriber a bréngt eng Awanderung vu qualifizéierten däitschen Aarbechter an d'Land mat sech. Duerno gëtt Däitsch am Wirtschaftssecteur virgezunn. Tëscht 1875 an 1910 kënnt ee groussen Deel vun der Aarbechtskraaft aus Italien. An deem Zäitraum loosse sech 10.138 Italiener am Land nidder, besonnesch am Süden, wou si hir Spueren an der Gesellschaft an an der Sprooch hannerloossen.

An der Press kritt déi däitsch Sprooch eng bedeitend Plaz, iwwerdeems d'franséisch Sprooch hir Plaz an der Justiz an an der Administratioun behält. D'legislativ Texter ginn op Däitsch a Franséisch publizéiert.

Duerch d'Gesetz iwwert d'Grondausbildung an der Schoul gëtt d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg 1843 bestätegt. Ab dëser Zäit ginn Däitsch a Franséisch obligatoresch an der Grondschoul geléiert a si stinn um selwechten Niveau. Esou fänkt Lëtzebuerg u seng eege sproochlech Identitéit tëschen den däitsch- a franséischsproochege Kulturberäicher ze definéieren.

Gläichzäiteg erlieft d'lëtzebuergesch Sprooch eng Renaissance als national Identitéitssprooch vun de Lëtzebuerger. Esou ginn déi éischt Dictionnairë publizéiert a Gedichter, Lidder a Geschichten erschéngen op Lëtzebuergesch. Ënnert deene bekanntste Wierker fënnt een *Ons Heemecht* (1859), e Gedicht vum Michel Lentz fir dat de Jean-Antoine Zinnen 1864 eng Melodie komponéiert huet an dat spéider zur Lëtzebuerger Nationalhymn ginn ass.

20. Joerhonnert

Wärend der däitscher Besatzung vun 1940 bis 1944 ass Franséisch verbueden a Lëtzebuergesch gëtt offiziell als Dialekt deklasséiert, fir d'Agliderung vu Lëtzebuerg am däitsche Räich ze begrënnen. D'Vollekszielung am Joer 1941, déi hätt sollen d'Beméiunge vum Besatzer kréinen, ass e Mëssérfolleg: eng grouss Majoritéit vun der Bevëlkerung gëtt als Mammesprooch Lëtzebuergesch un.

No 1945 gëtt der Lëtzebuerger Sprooch hir Positioun als wichtegt kulturellt Element vun der Lëtzebuerger Identitéit gestäerkt. D'Plaz vum Franséischen als aktiv Sprooch gëtt ausgebaut – als ofleenend Reaktioun op d'Germaniséierung – an an der Lëtzebuerger Sprooch ginn déi franséisch Wierder favoriséiert. D'Constitutioun vun 1948 hëlt d'Notioun ewech, datt Däitsch a Franséisch um selwechten Niveau stinn an et ass dem Legislateur iwwerlooss hire Gebrauch ze reegelen.

De Stellewäert vum Lëtzebuergesche gëtt duerch d'Gesetz vun 1984 iwwert de Sproochegebrauch verstäerkt. Et definéiert Lëtzebuergesch als national Sprooch a leet fest, datt Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch de Statut als administrativ a juristesch Sprooche vum Land deelen.

D'Unerkennung vum Lëtzebuergeschen um europäeschen Niveau duerch de Programm „Lingua" 1989 bestätegt nach eng Kéier den neie soziokulturellen Opstig vun der Sprooch.

De wirtschaftlechen Opschwong an der zweeter Halschent vum 20. Joerhonnert an d'Nidderloossung vun europäeschen Institutiounen zu Lëtzebuerg zitt nei auslännesch Aarbechter un. Zanter dëser Zäit gëtt et eng Beräicherung vum linguisteschen Ëmfeld duerch grouss portugisesch-, italieenesch- an engleschsproocheg Gemeinschaften. Gläichzäiteg entstinn duerch d'Nidderloossung vun europäeschen Institutiounen zu Lëtzebuerg Gemeinschafte vun Auswanderer, déi dëse linguistesche Melting-Pot nach méi vilfälteg maachen.

21. Joerhonnert

Wärend op der Aarbecht vill Franséisch, Englesch an Däitsch geschwat gëtt, gëtt Lëtzebuergesch duerch Promotionsmesuren zousätzlech gefërdert. Ausserdeem promovéiert d'Erschénge vun digitale Medien de Gebrauch vu Lëtzebuergesch als schrëftlech Sprooch fir d'éischte Kéier a senger Geschicht. Dat féiert zu engem richtege „Boom" vum Lëtzebuergeschen an de Printmedien an um Internet.

Sproochegebrauch

Stroosseschëlder mat de franséischen a lëtzebuergesche Stroossennimm © SIP

Moien, bonjour, hallo, bom dia, hello, buenos días… Wëllkomm zu Lëtzebuerg! Duerch säi kosmopolitesche Charakter ass de Grand-Duché tatsächlech e besonnesche Fall an Europa. Mat enger ëmmer méi héijer Zuel un Awunner aus der ganzer Welt, ass et keng Iwwerraschung, datt d'Zuel vun den benotzte Sproochen och eropklëmmt. Lëtzebuerg zeechent sech duerch seng linguistesch Villfalt aus – souwuel am Alldag, wéi an der Politik, op der Aarbecht, an der Schoul oder an de Medien.

Eng Méisproochegkeet, déi een am Alldag erlieft

Jidderee benotzt, iergendwann am Dag an ënnert verschiddenen Ëmstänn, verschidde Sprooche fir vun deenen anere verstanen ze ginn oder, fir ëmgedréint, deenen aneren hir Aussoen ze verstoen.

An hirem Alldag liewen d'Lëtzebuerger esou an enger linguistescher Villfalt. Fir dat ze verstoe geet et duer, einfach e puer Schrëtt duerch d'Haaptstad ze maachen an d'Oueren ze spëtzen. Hei héiert een d'Sprooche vun iwwerall, déi sech harmonesch an enger multikultureller Welt integréieren; sief et op den Terrassen am Summer, an de Foussgängerstroossen, an den ëffentlechen Transportmëttel, an de Supermarchéen, op Fussballmatcher oder wann een owes ënnert Frënn ass. Et ass e richtegt multikulturellt Geschnëss, dat sech duerch de ganzen Dag zitt: moies beim Bäcker gëtt de Croissant op Franséisch bestallt, an der Mëttesstonn d'Mëttegiessen op Lëtzebuergesch, an owes gëtt d'Rechnung vum Gedrénks um Comptoir op Englesch gefrot.

De *Code switching*, d'Noutwendegkeet vun enger Sprooch an déi aner ze sprangen, gehéiert deemno zum Alldag. Keng Iwwerraschung, well bei engem Taux vu 47 % Auslänner a bei 200.000 Frontalieren, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen, ass et Usus ginn, all Dag verschidde Sproochen ze schwätzen.

DE GEBRAUCH VUN DE SPROOCHEN HÄNKT VUM KONTEXT OF

Am Grand-Duché fënnt een d'Méisproochegkeet iwwerall. Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, Portugisesch, souwéi Italieenesch a Spuenesch sinn déi heefegst gebrauchte Sproochen. Mä d'linguistesch Landschaft charakteriséiert sech haaptsächlech duerch eng Dräisproocheg keet, wou Lëtzebuergesch déi dominant Roll spillt, dat heescht, datt et déi am meeschte gebrauchte Sprooch ass.

D'Zuele beweisen dat. Laut enger Etüd vum Statec vun 2019 bleift Lëtzebuergesch déi Sprooch, déi d'Lëtzebuerger Residenten am beschte beherrschen (76 %), duerno kënnt Franséisch (10 %), dann Däitsch (4 %), da Portugisesch (3 %) an dann Englesch (3 %). Ënnert den Netlëtzebuerger Residenten ass Franséisch (31 %) déi Sprooch, déi am beschte beherrscht gëtt, duerno kënnt Portugisesch (25 %), dann Englesch (9 %) an dann Däitsch (7 %).

Laut dësem Sondage ass Lëtzebuergesch och déi dominant Sprooch an der Famill. Bis zu 88 % vun de Lëtzebuerger Residentë benotze se doheem, dogéint nëmmen 13 % vun den Netlëtzebuerger.

Mann am Kostüm trëppelt laanscht Chantiersaarbechter © SIP

Offiziell Sproochen

D'Méisproochegkeet steet am Gesetz iwwert de Sproochegebrauch vum 24. Februar 1984. Dëst Gesetz verankert Lëtzebuergesch als national Sprooch, mä bestëmmt och de Gebrauch vun deenen anere Sproochen an offiziellen Akten. Esou ginn d'Gesetzer, Reglementer an Arrêtéen op Franséisch verfaasst. Am administrativen a juristesche Beräich kënnen déi franséisch, däitsch a lëtzebuergesch Sprooche gebraucht ginn.

De Bierger huet dee selwechte Choix fir seng administrativ Demanden anzereechen, obwuel d'Administratioun awer net strikt dozou verflicht ass, seng Preferenz ze respektéieren. Wann, zum Beispill, eng Demande op Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch verfaasst gouf, soll d'Administratioun sou wäit wéi méiglech an hirer Äntwert d'Sprooch benotzen, déi vum Demandeur gewielt gouf.

An der Politik

An der Chamber ass de Gebrauch vun där enger oder anerer Sprooch net formell bestëmmt. Dat beweist d'Wichtegkeet vun de linguistesche Rechter, déi d'Deputéierten hunn. An deene leschte Joren ass dat Franséischt ëmmer méi vun der Tribün an der Chamber verschwonn an huet dem Lëtzebuergeschen d'Plaz iwwerlooss. Esou sinn an de meeschte Fäll déi reegelméisseg Debaten an d'Rapporte vun den ëffentleche Sëtzunge vun der Chamber op Lëtzebuergesch.

Nëmme bei schréftleche Matdeelungen, wéi bei groussen Deklaratiounen oder parlamentaresche Froen, zéien déi Deputéiert nach Franséisch dem Lëtzebuergesche vir.

Am Allgemenge kritt déi schwaach Presenz vum Däitschen am nationalen ëffentleche Liewen e Géigegewiicht um Niveau vun de Gemengen. Dacks fënnt een dem Goethe seng Sprooch, nieft dem Franséischen, dem Lëtzebuergeschen oder souguer dem Engleschen am *Gemengebuet*, eng Publikatioun déi d'Bierger iwwert dat soziaalt, kulturellt, politescht oder finanziellt Liewe vun der Gemeng informéiert. Dëse Choix hänkt ganz einfach vum linguisteschen Hannergrond vun den Awunner vun der Gemeng of.

D'Sproochen op der Aarbecht

D'Beruffswelt zu Lëtzebuerg ass esou méisproocheg a villfälteg wéi d'Land selwer. Jee no der Firma, dem Tätegkeetsberäich, der Zort vun der Déngschtleeschtung oder der Roll vun der Administratioun kann d'Sprooch op der Aarbecht änneren. Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch sinn déi Sproochen, déi am meeschten um Büro tëscht Kolleegen oder a Reunioune geschwat ginn. Et ass iwwregens ganz normal, méi wéi eng Sprooch op der Aarbecht ze schwätzen.

Am Laf vun de Joerzéngten huet sech de Lëtzebuerger Vokabular mat Wierder aus de Mammesprooche vun den auslännesche Residenten a Frontaliere beräichert. Op der Aarbecht gëtt Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch geschwat. An de Beräicher vun de Finanzen, Versécherungen a vun der Fuerschung setzt sech Englesch ëmmer méi duerch. Nieft Franséisch gëtt Englesch och ëmmer méi als Ëmgangssprooch an de Reunioune gebraucht.

D'Méisproochegkeet gëtt vun de Patrone sécherlech als Beräicherung ugesinn. An alle beruffleche Beräicher gëtt Franséisch am meeschte gefrot. Lëtzebuergesch ass haaptsächlech a follgende Beräicher wichteg: am ëffentlechen Déngscht, am ëffentlechen Transport, an der Bildung, bei de medezinesche Beruffer, am Beräich vun der Kommunikatioun an an all deenen anere Secteuren, wou d'Clientèle haaptsächlech Lëtzebuergesch schwätzt.

Zwou Schülerinne lauschteren hirem Enseignant no © SIP

Lëtzebuergesch gëtt och als Friemsprooch ënnerriicht. All d'international Schoule musse Lëtzebuergeschcoursë fir all hir Schüler ubidden.

Déi sechs ëffentlech international Schoule si fir all Schüler op, an dat gratis. Si proposéiere franséisch-, englesch- oder däitschsproocheg Sektioune fir d'Primärschoul an de Secondaire. E puer vun dëse Schoule bidden och esou Klasse fir d'Spillschoul un. Déi privat international Schoulen ergänzen zousätzlech dës méisproocheg Offer.

D'Sproochen an der Schoul

De Schoulsystem zu Lëtzebuerg ass méisproocheg. D'Unterrechtssprooch ass Däitsch an der Grondschoul an an den ënneschte Klasse vum Lycée. An den ieweschte Klasse vum Secondaire gëtt d'Majoritéit vun de Coursen op Franséisch gehalen. Dës Méisproochegkeet ass eng Plus-value an enger oppener a villfälteger Welt, mä et ass och eng Erausfuerderung fir Schüler mat anere linguisteschen Originnen. D'ëffentlech Schoul bitt och international franséisch- an engleschsproocheg Klassen un, souwéi Integratiounsklassen an interkulturell Mediateuren.

Aféierung vun der Méisproochegkeet vum jéngsten Alter un

Zu Lëtzebuerg ass de Precoce – ab dräi Joer – fakultativ. D'Schoulflicht fänkt mat véier Joer, mat der Grondschoul, un. De Fondamental besteet aus véier Zyklen, déi all zwee Joer daueren.

Am Precoce souwéi am Zyklus 1 vun der Grondschoul benotzen d'Enseignantë Lëtzebuergesch esouvill wéi méiglech. Dat éischt Uleies ass d'Entwécklung vun de sproochleche Fäegkeete vun all de Kanner, haaptsächlech zu Gonschte vun auslännesche Kanner, fir déi d'Schoul oft den éischte Kontakt mam Lëtzebuergeschen ass. No der Aféierung vun engem méisproochegen Erzéiungsprogramm an de Crèchë gehéiert d'Léiere vum Franséischen elo och zu de Missioune vum Zyklus 1.

An den Zyklen 2 bis 4 vun der Grondschoul ginn aner Sproochen agefouert a geléiert. D'Alphabetiséierung mécht sech op Däitsch. Franséisch gëtt mëndlech am Zyklus 2 geléiert a schréftlech am Zyklus 3. D'Unterrechtssprooch ass Däitsch.

Englesch an aner modern Sproochen

De Secondaire riicht sech u Jonker vun 12 Joer un, déi dann an ëffentlech oder privat Schoule (generell Lycéeën) ginn, wou den offizielle Programm vum Educatiounsministère oder aner Programmer ënnerriicht ginn. Si kënnen awer och an europäesch Schoule goen. E kompletten Zyklus, ouni eng Klass ze dubléieren, besteet aus 7 Joren.

Am Secondaire bleift Däitsch d'Unterrechtssprooch an den ënneschte Klassen, ausser an de Franséisch- a Mathescoursen. Englesch gëtt ab dem zweete Joer am Lycée geléiert, ausser fir d'Schüler vun der Latäinsektioun, déi ee Joer méi spéit mam Engleschen ufänken. Am Secondaire classique gëtt d'Unterrechtssproch ab 4e Franséisch. Ab der 5e kënnen d'Schüler hei och eng véiert modern Sprooch bäifügen (Italieenesch, Spuenesch oder Portugisesch). Am Secondaire général bleift an der Reegel Däitsch d'Unterrechtssprooch, ausser a verschiddene Coursen oder op verschiddene Klasse mat engem spezielle linguistesche Programm, wou da Franséisch gebraucht gëtt.

Am Secondaire général oder classique ginn et och speziell Programmer fir Schüler opzehuelen an z'encadréieren, déi en Deel vun hirem Schoulparcours am Ausland gemaach hunn a keng vun deenen dräi administrative Sprooche vum Land schwätzen.

A verschidde Sprooche studéieren

D'Universitéit Lëtzebuerg steet och am Zeeche vun der Méisproochegkeet, wat ee vun hire Grondprinzippien ass. Am Allgemenge si Franséisch an Däitsch d'Unterrechtssproochen. Fir e puer Schoulprogrammer sinn awer zertifiéiert Kenntnisser op Englesch gefuerdert. D'Universitéit proposéiert och eng Ausbildung iwwer lëtzebuergesch Sproochewëssenschaft a Literatur.

Zeitungen a verschiddene Sproochen © SIP

Sproochen an de Medien

D'Thema Méisproochegkeet fënnt een och an der lëtzebuergescher Press erëm, déi déi linguistesch Situatioun am Alldag perfekt erëmspigelt. Fir d'Bedierfnesser vun den auslännesche Residenten, an dësem sozialen, kulturellen a méisproochegen Ëmfeld z'erfëllen, sinn och d'national Medie méisproocheg ginn. Et fënnt een Zeitungen an Zäitschréften an et héiert ee Radiosendungen op Franséisch, Däitsch, Lëtzebuergesch, Portugisesch an Englesch.

D'Printmedien

D'Sprooch, déi an de Printmedien haaptsächlech benotzt gëtt, ass Däitsch, zemools an den traditionellen Dageszeitunge vum Land, wéi d'*Luxemburger Wort*, d'*Tageblatt* oder d'*Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek*. Aner Zeitunge ginn nëmmen op Franséisch verfaasst, wéi *Le Quotidien* oder *L'Essentiel*. Déi éischt Zeitung, déi sech un déi grouss portugisesch Gemeinschaft riicht, *Contacto*, gouf am Ufank just ee Mol am Mount publizéiert an ass entretemps eng Wochenzeitung.

Wat aner Wochenzeitungen an Zäitschréften ugeet, ass d'Situatioun ongefeier déi selwecht. D'*Lëtzebuerger Land*, déi eelst Zeitung fir allgemeng Noriichten, gëtt a méi wéi enger Sprooch geschriwwen a gelies: virun allem op Franséisch, mä och op Englesch a Lëtzebuergesch. De Konkurrent, d'*Woxx*, bitt och Noriichten an zwou Sproochen (Däitsch a Franséisch) un.

Well den ugepeilte Lieserkrees och eng wichteg Roll am Choix vun der Sprooch spillt, hunn d'Zäitschréften d'*Revue* an den *Télécran* Däitsch gewielt. Hire Publikum besteet éischter aus Lëtzebuerger Familljen.

Kuerz gesot, sinn d'Lëtzebuerger Zeitungen extrem villfälteg am Gebrauch vun de Sproochen. Si adresséiere sech effektiv un all sozial Kategorien a bréngen Noriichten, déi iwwer international Aktualitéit an national Politik, iwwert Wirtschaft bis hin zum Sport berichten, an dat an alle gängege Sprooche vum Land.

De Fernsee

Obwuel de Choix vun de Fernseeprogrammer an de 70er Joren zimmlech kleng war, huet sech d'Offer am Laf vun der Zäit vill vergréissert, an dat an esou ville Sprooche wéi nach ni virdrun. Duerch de Satellittefernsee oder den digitalen Uschloss ass Lëtzebuerg mat der ganzer Welt connectéiert a kann iwwer dee Wee en Androck vun den ënnerschiddlechste Kulturen kréien.

Trotzdeem gi majoritär franséisch an däitsch Fernseesendunge vun deene meeschte Residentë gekuckt, well se esouwuel vun der franséischsprooche-ger ewéi och vun der däitschsprooche-ger Kultur beaflosst ginn. Déi beléiftst franséisch Sendere sinn TF1 (10,4 % vun der Bevëlkerung kucken dëse Sender reegelméisseg) an M6 (6,8 %), an déi beléiftst däitsch Sendere sinn ARD (8,4 %) an ZDF (8,3 %).

Zënter 1991 huet Lëtzebuergesch duerch d'Aféiere vun enger Noriichtesendung, déi all Dag op RTL Télé Lëtzebuerg gewise gëtt, eng Éiereplaz um Bildschierm kritt. Der Etüd vun TNS-Ilres 2021/II no, géifen deeglech 19,2 % vun der Bevëlkerung dëse Sender kucken.

De Radio

Zu Lëtzebuerg verbildlecht d'Radiolandschaft dat soziokulturellt Ëmfeld vum Land. Déi verschidde Statioune spigelen d'Diversitéit vum Publikum erëm. L'essentiel Radio erreecht 9,6 % vun der Bevëlkerung a straalt op Franséisch aus, Radio Latina (3,8 %) send op Portugisesch a Spuenesch, an RTL Radio (6,3 %) mécht seng Sendungen op Däitsch. De Radio Ara (1,5 %) huet Sendungen a verschidde Sproochen, ënnert anerem op Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch, mä och op Portugisesch, Spuenesch an Italieenesch.

Am Géigendeel zu anere Medien am Land ass de Radio dee, wou een de gréisste Choix vu Sendungen op Lëtzebuergesch fënnt. RTL Radio Lëtzebuerg (29,2 %), Eldoradio (14,7 %) a Radio 100,7 (4,9 %) ginn dem Lëtzebuergeschen eng Stëmm an erreechen déi héchst Aschaltquoten.

Literatur a verschiddene Sproochen © SIP

D'Sproochen an der Kultur

Den Asaz vu Lëtzebuerg fir den europäesche Projet a seng Oppenheet géigeniwwer anere Kulture spigele sech och an der méisproocheger Kulturzeen am Land erëm, déi e weidert Symbol fir d'Verankerung vum Grand-Duché am Häerze vun Europa ass. De breede Choix vun Evenementer a verschidde Sproochen déngt jidderengem als Integratiounswee.

Eng lëtzebuergesch Literatur?

Duerch Wierker wéi *E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus* (1829) vum Anton Meyer an d'nationaalt Epos *Renert oder de Fuuß am Frack an a Ma'nsgrëßt* (1872) vum Michel Rodange erlieft d'literaresch Produktioun op Lëtzebuergesch Enn vum 19. Joerhonnert säi gëllent Zäitalter. De Begréff „Lëtzebuergesch Literatur" begrenzt sech awer net just op op Lëtzebuergesch verfaasste Bicher. Et fënnt een och Influenze vun anere Sproochen an der literarescher Landschaft vum Grand-Duché erëm. Esou wielen d'Schréftsteller zu Lëtzebuerg d'Sprooch fir hir Wierker jee no hiren eegene Preferenzen aus. Zum Beispill schreift de Jean Portante op Franséisch, an d'Claudine Muno, souwéi den Nico Helminger an de Jemp Schuster schreiwe léiwer op Lëtzebuergesch. Et ass och net ongewéinlech, datt en Auteur vun engem Buch op dat anert d'Sprooch wiesselt, wéi zum Beispill d'Anise Koltz, de Guy Rewenig, d'Carine Krecké oder de Lambert Schlechter. 2018 huet de Jeff Schinker *Sabotage* veréffentlecht. An dësem véiersproochege Roman stinn d'Charakteren an d'Intrig am Hannergrond. Et sinn d'Sproochen, déi wéi richteg Protagoniste wierken, esou wéi am Alldag zu Lëtzebuerg.

Obwuel Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch déi beléifste Sprooche bei de Schréftsteller bleiwen, gëtt et och eng Plaz fir aner Sproochen an hire Publikum. Dat gesäit een an de Bicherbutteker a Bibliothéiken, déi de Lieser dacks Publikatiounen op Englesch, Italieenesch, Portugisesch a Spuenesch ubidden.

Op der Bün

An der Theaterwelt deele sech lokal Realisatiounen, international Koproduktiounen an national an auslännesch Staren d'Bün. Dank dem linguistesche Räichtum vum Secteur kënnen d'Stécker an hirer originaler Versioun gespillt ginn, wat d'Oppenheet vun der lëtzebuergescher Gesellschaft géigeniwwer anere Kulture beweist. D'linguistesch Villfältegkeet vun den Truppen, souwéi weltberüümt Gesellschaften a Schauspiller, déi am Grand-Duché optrieden, zéien hirersäits en internationale Publikum un.

Audiovisuell Produktiounen

Cineaste freeë sech, datt Filmer systematesch an Originalfassung mat Ënnertitelen op Franséisch an Däitsch oder Franséisch an Hollännesch am Kino gewise ginn.

Déi national Produktioun vu Filmer a Fernseeserien huet an de leschte Joren ëmmer méi Succès. D'Méisproochegkeet spillt an den audiovisuelle Produktiounen och eng wichteg Roll. D'Filmer ginn an de verschiddene Sproochen, déi zu Lëtzebuerg geschwat ginn, gedréint an et ginn och Produktiounen an deene méi Sprooche gläichzäiteg benotzt ginn. Déi zweet Saison vun der Serie *Capitani* illustréiert perfekt den heefegen Iwwergank vun enger Sprooch an déi aner – heiansdo am selwechte Saz – déi dat alldeeglecht soziaalt Liewen zu Lëtzebuerg ausmécht.

D'linguistesch Villfalt zu Lëtzebuerg taucht och an internationale Koproduktiounen op, wou se zu der Renommée vum Lëtzebuerger Land wäit iwwert seng Grenzen eraus bäidréit. *Mr Hublot,* Gewënner vun den Oscaren 2014 an der Kategorie „beschte Kuerzfilm", war net nëmmen en Triumph fir d'audiovisuell Produktioun zu Lëtzebuerg, mä och en erfollegräicht Beispill

vun enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht tëscht Lëtzebuerg a Frankräich. *Bad Banks*, en aneren erfollegräiche méisproochege Projet, ass eng däitsch-lëtzebuergesch Koproduktioun, déi an der Kategorie „Bescht dramatesch Serie" bei den International Emmy Awards nominéiert gouf.

Eng méisproocheg Musekszeen

D'Musekszeen zu Lëtzebuerg profitéiert och vun der sproochlecher Situatioun vum Land. De villsäitege Programm vun de Museksinstitutiounen, wéi d'Philharmonie, d'Rockhal an Den Atelier, souwéi déi vill Festivaller a Concerten uechter d'Land zéien de Publikum iwwert d'Grenzen ewech un. De Kënschtler Chaild, deen op Englesch séngt, kombinéiert italieenesch a portugisesch Aflëss aus senger Kandheet mat Elektropop. D'Hip-Hop-Grupp De Läb, souwéi d'Kënschtlerin Nicool rappen op Lëtzebuergesch, wärend de MAZ decidéiert huet, sech op Englesch auszedrécken. Egal ob Rock, Pop, Jazz, Rap oder Metal, d'Kënschtler vum Grand-Duché musizéieren an der Sprooch déi se wëllen. E Publikum fir hir Musek fanne se op alle Fall.

D'Villfalt vun de Sproochen an der kultureller Produktioun spigelt d'linguistesch Situatioun vun der lëtzebuergescher Gesellschaft erëm. Dës méistëmmeg Produktioun gëtt an der nationaler Bibliothéik vu Lëtzebuerg ënnert dem Begréff *Luxemburgensia* gesammelt. Domadder ginn all d'Literaturwierker a Printdokumenter abegraff, déi vu Lëtzebuerger verfaasst gi sinn, zu Lëtzebuerg produzéiert gi sinn oder iwwert d'Lëtzebuerger Land handelen, egal op wéi enger Sprooch se sinn.

Promotiounsmoossnamen

D'lëtzebuergesch Sprooch spillt eng bedeitend Roll am multikulturellen a méisproochegen Ëmfeld vum Grand-Duché. Se vereinfacht d'Integratioun an d'sozial Kohäsioun andeems se d'kulturell Identitéit verstäerkt. D'Promotiounsmoossname vun deene leschte Joren hunn als Zil eng linguistesch a kulturell Politik ëmzesetzen, déi am Aklang mat all den Acteure vun der Gesellschaft ass.

D'Norméierung vun der Lëtzebuerger Sprooch standardiséieren an hire Stellewäert verstäerken

Zënter den 1980er Jore gëtt d'Roll vum Lëtzebuergeschen am Grand-Duché ëmmer méi bedeitend. Nodeems Lëtzebuergesch als national Sprooch am Gesetz iwwer de Sproochegebrauch vum Joer 1984 festgehale gouf, gëtt säi Stellewäert als Sprooch fir d'Kommunikatioun, d'Integratioun an d'kulturell Produktioun ëmmer méi gestäerkt.

Lëtzebuerg engagéiert sech säit Jore fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch a vun der Méisproochegkeet. 2017 huet d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vun der nationaler Sprooch opgestallt an d'Richtlinne vun enger laangfristeger Politik festgeluecht. E Joer méi spéit bestätegt d'Gesetz vum 20. Juli 2018 dësen Asaz, grad ewéi en Aktiounsplang iwwer 20 Joer an d'Schafe vun Instanzen, déi beoptraagt ginn, dës Promotiounsmoossnamen duerchzesetzen: de Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch, den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an de Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

Déi ëmgesate Mesurë betreffen d'Norméierung vun, esou wéi Studien zur, Lëtzebuerger Sprooch, zwee wesentlech Elementer fir d'Basis vun hirem Gebrauch an alle Beräicher vum ëffentleche Liewe ze schafen. Den Internetsite Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD – www.lod.lu), zum Beispill, passt perfekt an de charakteristesche méisproochege Kontext vum Grand-Duché. Dësen eenzegaartegen, gratis online Dictionnaire, mat grousser Envergure, iwwersetzt lëtzebuergesch Wierder op véier Sproochen: Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Zu dësem Beräich vun der Standardiséierung gehéiert och d'Buch *D'Lëtzebuerger Orthografie*, dat 2019 vum ZLS veröffentlecht gouf. Et ergänzt d'Standardiséierung vun de Reegele vun der Lëtzebuerger Schreifweis, déi 1975 festgeluecht goufen a schonn 1999 eemol reviséiert goufen. D'online Plattforme schreiwen.lu a verben.lu vervollstännegen d'Sensibiliséierung fir d'orthografesch a grammatesch Reegelen.

Dës Mëttel erméiglechen d'Ëmsetzung vun anere Mesuren, déi an der Strategie vun der Promotioun vun der Sprooch virgesi waren, wéi zum Beispill d'Verstäerkung vum Stellewäert vun der nationaler Sprooch. D'Presenz vum Lëtzebuergeschen um Internet verbessert sech duerch d'Iwwersetzung vun Internetsitte vum Stat. Doduerch gëtt engem méi breede Publikum den Zougang zu den Informatioune vereinfacht. Gutt Beispiller heivir sinn déi offiziell Sitte gouvernement.lu an elections.lu, déi Contenu op Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch ubidden.

Bicher aus der Serie „Lëtzebuerger Wuertschatz“ © SIP

Buch „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“ © SIP

Jidderee kann d’Lëtzebuerger Sprooch a Kultur léieren

D’Promotiounsmesurë fir d’Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ginn an der Bildung vum jéngsten Alter un integréiert. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend entwéckelt méisproochegt didaktescht Material fir d’Bildung an der Grondschoul. Optiounscoursen, wéi *Orthographie*, *Lëtzebuergesch Kultur a Literatur* a *Kreatiivt Schreiwen am Lëtzebuergeschen*, gi lues a lues am Secondaire integréiert.

D’Mesurë fir d’Léiere vun der Sprooch ze promouvéiere limitéiere sech net op den Unterrecht an der Grondschoul an am Secondaire. D’Offer vun de Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener erweidert sech nämlech och, zemools an de Gemengen an am Nationale Sproocheninstitut, deen op sengen dräi Campussen (an der Stad Lëtzebuerg, zu Miersch an zu Belval) Formatioune proposéiert.

Salariéen an Indépendantë kënnen och e Congé linguistique ufroen: e Congé vun 200 Stonne pro Karriär fir d’lëtzebuergesch Sprooch ze léieren oder ze perfektionéieren. Mat dëser Mesure ënnerstëtzt d’Regierung net nëmmen Eenzelpersounen déi d’national Sprooch léiere wëllen, mä se promouvéiert och Lëtzebuergesch als éischt Integratiounssprooch.

D’Land gëtt och besonnesch Uecht op Persounen, déi grad zu Lëtzebuerg ukomm sinn. Si kréien e Kontrakt fir den Accueil an d’Integratioun ugebueden, wa se eng Openthaltsgeneemegung hunn a sech laangfristeg am Land néierloosse wëllen. Am Kader vun dësem Kontrakt proposéiert de Staat Coursë fir Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch ze léieren. D’Demandeuren an d’Beneficiairë vum internationale Schutz kënnen och d’Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounszenter (LISKO) kréien, dee si an enger ganzer Rei vun Demarchë begleet, ë. a. beim Léiere vun den üblechen Sprooche vum Land.

E KUERZE BLÉCK AN D'ZUKUNFT

D'Promotiounsstrategie gesäit vir, Lëtzebuergesch als national Sprooch an der Constitutioun ze verankeren, grad ewéi d'Unerkennung vun der Méisproocheg keet, e wichtegen Deel vum Grand-Duché. Et sinn och Verhandlunge bei den eu ropäeschen Institutioune virgesinn, fir en Accord ze fannen iwwert e Verwaltungsar rangement („arrangement administratif") no de Conclusioune vum Europäesche Conseil am Joer 2005. Dat heescht, datt d'Bierger d'Recht hätten, d'europäesch Institutiounen op Lëtzebuergesch ze kontaktéieren an och eng Äntwert an dëser Sprooch ze kréien. D'lëtzebuergesch Sprooch verfestegt sech also um nationalen Niveau an entwéckelt sech weiderhin am Ausland.

Lëtzebuergesch an europäesch Fändelen, virum Tram op der Neier Bréck © SIP

Bibliographie

Chambre des députés. Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.

Hoensch, J. *Die Luxemburger. Eine spätmittelalterliche Dynastie gesamteuropäischer Bedeutung. 1308-1407*. Stuttgart: Kohlhammer, 2000.

Pauly, M. *Geschichte Luxemburgs*. München: Verlag C.H.Beck oHG, 2011.

Statec. „Regards sur les langues au travail", dans *Regards,* n°11, Abrëll 2016.

Statec. „Le luxembourgeois reste la langue la plus utilisée à domicile", dans *Regards* n°09, Mee 2019.

Statec. *Population par nationalité* 1875-2011, 2022.

TNS ILRES. *Étude Plurimédia Luxembourg 2021*, 2021.

Zousätzlech Quellen

Fehlen, F. *BaleineBis. Une enquête sur un marché linguistique multilingue en profonde mutation. Luxemburgs Sprachenmarkt im Wandel.* Lëtzebuerg: SESOPI Centre intercommunautaire, 2009.

Editeur an Auteur
Informatiouns- a Pressedéngscht
vun der Regierung

33, bd Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tel.: (+352) 247-82181
edition@sip.etat.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Iwwersetzung
Translatores

Layout
lola

Drock
Imprimerie Exe

ISBN 978-2-87999-294-5
August 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse